N°1136
Entrée le 26.09.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°1136 vum 3. September 2024 vun den honorabelen Deputéierten Liz Braz a Georges Engel.**

1) **Firwat ass d'Maison du Luxembourg net wärend de paralympesche Spiller op nodeems bekannt war dass Lëtzebuerg och mat zwee Sportler vertruede wier?**

De Standuert vun der Maison du Luxembourg, am Stade Jean Bouin, ass fir d'Zäit vun de paralympesche Spiller net disponibel gewiescht, well dëse vun dem däitsche paralympesche Comité genotzt ginn ass.

2) **Ewéi gesäit de genaue finanzielle Bilan (Recettë & Depensë) vun der Maison de Luxembourg 2024 aus? Ewéi genau setzen sech sämtlech Käschten déi am Kader vun der Maison de Luxembourg an den Olympesche Spiller entstan sinn, zesummen?**

Dësen Decompte gëtt aktuell vu menge Servicer gemaach. Dës si natierlech ofhängeg vun alle bedeelegte Prestataire, sou dass den Decompte eréischt kann an de nächste Wochen ofgeschloss sinn.

3) **D'Concerte vun de Läb & NOSI déi den 1.8 sollten an der Fan Zone vum Team Deutschland iwwert d'Bün sollte goen, goufe kuerzfristeg annuléiert. Firwat goufen des Concerten ofgesot an aus wéi enge Grënn goufen des Concerte net op een aneren Dag verluet? Sinn heifir awer Käschten entstan a wien huet des Käschten iwwerholl?**

D'Entscheedung fir dës Annulatioune gouf onofhängeg vum Wëlle vum Sportsministère getraff. De Gestionnaire vun der genannter Fan Zone, d'Deutsche Sport Marketing GmbH, huet dës Decisioun ganz kierzlech aus organisatoresche Grënn geholl. D'Organisatioun, aus lëtzebuergescher Siicht, ass vu Kultur LX iwwerholl ginn, sou dat ech heizou net méi ka soen.

4) **An der Maison du Luxembourg sinn och Table ronde, mat der Agence pour le développement de l'emploi (ADEM), respektiv mam Ministère de la Santé organiséiert ginn. Firwat hunn dës Table ronde zu Paräis stattfonnt? Wat war d'Plus-value dës Evenementer zu Paräis ze organiséieren?**

Déi genannten Tables rondes, wou zum Deel franséisch Experten drun deelgeholl hunn, waren e reegelrechte Succès, souwuel wat d'Unzuel u Participanten ugeet, wéi och virun allem inhaltlech. T'goufen eng ganz Rei interessant Denkusäz déi déi verschidde concernéiert

Instanzen elo auswäerten an d'Conclusiounen dono an eng kohärent Sport- a Bewegungspolitik ëmsetzen.

5) **Gedenkt d'Regierung och eng Maison du Luxembourg bei den nächsten olympesche respektiv dann och fir déi paralympesch Spiller zu Los Angeles an d'Liewen ze ruffen?**

Och hei ass et nach ze fréi fir schonn Ukënnegungen an iergendeng Richtung ze maachen. Meng Servicer schaffen am Moment nach déi 17 Deeg Maison du Luxembourg op. Do ass et och wichteg sech mat all de Partner zesummenzesetzen an e finalen Debriefing ze maachen. Eent ass awer elo scho kloer, d'Maison du Luxembourg wor e grousse Succès.

**Lëtzebuerg, de 26. September 2024**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo